N° 3890
Entrée le 08.05.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

Gemeinsam Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, an vum Här Aussenminister Xavier Bettel op d'parlamentaresch Fro N° 3890 vum 8. Abrëll 2026 vum honorabelen Deputéierten Fred Keup zum Sujet "Retour des réfugiés syriens et position du gouvernement luxembourgeois".

1. Wéi beurteelt d'Regierung d'Situatioun vun de Syrer hei am Land? Ass d'Regierung och der Meenung, datt déi grouss Majoritéit vun hinne soll zeréckgoen?

An deene leschten 10 Joer hunn eppes iwwer 4700 Syrer internationale Schutz zu Lëtzebuerg kritt. Déi meescht Persounen hunn de Schutz unerkannt kritt well si riskéiert hunn individuell verfollegt ze ginn oder Affer vum deemolege Konflikt a Syrien ze ginn.

Eng Partie Syrer déi internationale Schutz unerkannt kritt hunn si gutt zu Lëtzebuerg integréiert an hunn och di Lëtzebuergesch Nationalitéit kritt.

Zanter der Chute vum Regime vum fréiere President al-Assad huet sech d'Situatioun a Syrien verännert. Dëst huet en direkten Impakt op d'Analyse vun den Demande op internationale Schutz. Sou wéi dat an all deenen anere Memberstaaten de Fall war, huet och Lëtzebuerg den Traitement vun den Demande ausgesat fir kënnen objektiv Informatiounen ze sammelen iwwer déi nei Gegeebenheeten op der Plaz mam Zil, nees eng individuell Analyse vun all Fall kënnen ze maachen.

Zanter dem Ufank vum Joer hellt d'General Direktioun fir Immigratioun erëm d'Decisiounen, wat Demandë vu syresche Staatsbierger ugeet. An dësem Kontext kann een ënnersträichen, dass déi aktuell Sécherheetslag a Syrien net méi esou schlecht ass, dass all Syrer misst automatesch internationale Schutz kréien. D'Sécherheetslag variéiert jee no Regioun a Syrien, an d'Situatioun vu verschiddene Minoritéiten ass weiderhi prekär. Éischt Decisioune goufe geholl, bei deenen den internationale Schutz refuséiert gouf, an e puer dovun si aktuell virum Verwaltungsgeriicht unhängeg.

D'EU huet e politeschen Dialog matt der syrescher Iwwergangsregierung initiéiert, fir derzou bäizedroen, dass d'Sécherheetssituatioun sech landeswäit a fir all Syrer verbessert.

2. Kéint d'Regierung sech virstellen, bäi der Réckféierung vu Syrer mat den däitschen Autoritéiten zesummen ze schaffen, notamment am Beräich vum Transport? Falls net, firwat net?

D'General Direktioun fir Immigratioun schafft schonn haut am Kader vu Réckféierunge reegelméisseg mat Däitschland zesummen. Dëst ass och mam däitschen Inneminister beim Treffen vun den däitschsproochegen Inneministeren, dat de 27 an 28. Abrëll 2026 zu Lëtzebuerg stattfonnt huet, ugeschwat ginn.

Lëtzebuerg, de 8. Mee 2026
Den Inneminister,
(s.) Léon Gloden